N°8092
Entrée le 19.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.06.2023

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„Aus der geschwater Press si mir rezent gewuer ginn, datt et sech an dësen Zäiten, an deenen sech eng Klimakris um Horizont ofzeechent, mëttelfristeg rentéiere géif, fir an de landwirtschaftleche Betriber, awer och am Wäibau, Waasserreservoiren unzeleeën, déi iwwer de Wanter an d'Fréijoer opgefëllt kënne ginn.

An deem Kontext wollte mir dem Här Landwirtschafts- a Wäibauminister folgend Froe stellen:

1. *Huet den Här Minister en Iwwerbléck iwwer all déi Betriber, déi schonn haut iwwer eege Waasserreservoire verfügen?*

2. *Ënnerstëtzt de Landwirtschaftsministère finanziell de Bau vu Waasserreservoiren, déi am Interêt vun de landwirtschaftleche Betriber an dem Wäibau ugeluecht ginn? Wa jo, wat sinn do d'Bedingungen?*

3. *Ass et iwwerhaapt technesch méiglech fir flächendeckend Reservoiren am Déngscht vum Wäibau unzeleeën, grad fir d'Bewässerung vu jonke Riewen?“*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

Gusty Graas
Deputéierten